


# NET OUNI MENG MASK

## #NetOuniMengMask

### GEBRAUCHSUWEISUNG

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

version 12/05/2020

# CORONAVIRUS
# COVID-19



D'Droe vun enger Mask oder all aner Protektioun, déi et erlaabt Nues a Mond ze bedecken, gëtt fir all Deplacement dobausse recommandéiert an obligatoresch

- wann dir eng Distanz vun 2m zu Leit, déi net mat iech wunnen, net anhale kënnt;
- am ëffentlechen Transport;
- op Plazen déi e Public empfänken.

## D'MASK RICHTEG BENOTZEN:



**Wéi soll een d'Mask opdoen?**

1. Wäscht Är Hänn.
2. Dot d'Mask dee richtege Wee op:
   ***Einwegmask*** - metallent Band muss op der Nues sinn, d'Fale baussen an no ënne weisen
   ***Alternativ Mask*** - d'Fale musse bausse sinn an no ënne weisen
3. Maacht d'Lastiken hannert Är Oueren.
4. D'Mask muss d'Nues, den Mond an de Kënn ofdecken.
5. ***Einwegmask*** - metallent Band op der Nues festdrécken.
6. Verséchert Iech, datt de Bord vun der Mask gutt um Gesiicht an ënnert dem Kënn befestegt ass.
7. Wäscht Är Hänn.
8. Vermeit et d'Mask dono ze beréieren.



**Fir d'Mask ofzedoen:**

1. Wäscht Är Hänn.
2. Huelt op deenen zwou Säiten d'Lastiken an dot d'Mask virsiichteg of ouni dee viischten Deel vun der Mask ze beréieren.
3. Et ass eng Einwegmask, geheit se an d'Dreckskëscht.
4. Wäscht Är Hänn.

***Alternativ Maske*** mussen nom Gebrauch mat mindestens 60 Grad gewäsch ginn.

D'Agence française de normalisation (AFNOR) huet e Guide iwwer d'Produktioun vun stoffe Maske publizéiert: https://masques-barrieres.afnor.org.

Demonstratioun a weider Informatiounen:
**www.netounimengmask.lu**

# CORONAVIRUS
# COVID-19


## MENG MASK SCHÜTZT DÉI ANER



**Héijen**
Infektiounsrisiko



**Nidderegen**
Infektiounsrisiko



**Ganz nidderegen**
Infektiounsrisiko

**D'Droe vun der Mask ass en zousätzleche Schutz. Se schützt Iech nëmme begrenzt virun enger Infektioun, mee Är Mask schützt d'Mënsche ronderëm Iech. Op dës Aart a Weis drot Dir derzou bäi, d'Verbreedung vum Virus an der Populatioun ze limitéieren. Denkt drun, virun allem déi vulnerabel Persounen ze schützen.**

# CORONAVIRUS
# COVID-19

## VERGIESST DÉI GEWINNTE GESTES BARRIÈRE NET:




Wäscht Iech reegelméisseg a richteg d'Hänn
mat Waasser a Seef.



Houscht oder néitscht an den Ielebou oder an
e Nuesschnappech aus Pabeier.



Verzicht drop anere Leit d'Hand ze ginn
oder se op de Bak ze këssen.




Evitéiert den noe Kontakt
zu anere Leit.



Limitéiert Är Kontakter an Deplacementer
op dat Néidegst.



Vermeit et fir Äert Gesiicht mat
Ären Hänn ze beréieren.

Weider Informatiounen:
**www.gouvernement.lu/coronavirus**